CSV FRAKTIOUN

Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
08 JAN. 2020
1676

Lëtzebuerg, den 8. Januar 2020

Här President,

Esou ewéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro zum CGDIS un d'Madamm Inneministesch fir weider ze leeden.

Seid dem 1. Juli ass de Corps grand-ducal d'incendie et de secours (CGDIS) en fonction. Am Joer 2010 ass, am Kader vun der Preparatioun vun der Reforme vum Rettungswiesen ee Rapport iwwert den Zoustand am Pompjeeswiesen zu Lëtzebuerg gemaach ginn. An dësem hunn verschidden Experten och eng Rei Recommandatioune fir d'Ëmsetzung vun der Reforme ginn. Laut mengen Informatioune war och fir 2019 een Etat des lieux virgesinn fir e virleefege Bilan vun der Reforme ze maachen an ze kucken, ob dës Recommandatiounen ëmgesat gi sinn.

An dësem Kontext géif ech gäre folgend Froen un d'Madamm Ministesch stellen:

- Kann d'Madamm Ministesch meng Informatioune confirméieren?
- Wann jo, wéini soll dësen Etat des lieux publizéiert ginn? Wat sinn d'Resultater vun dësem Etat des lieux?
- Wann nee, ass esou een Etat des lieux virgesinn ? Falls net, firwat ass dat net de Fall ?

Här President, ech bieden Iech mäin déifste Respekt unzehuelen.

Martine Hansen
Deputéiert

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Intérieur

La Ministre

Luxembourg, le 30 janvier 2020

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
30 JAN. 2020

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Service central de législation
43, bld Roosevelt
L-2450 Luxembourg

**Concerne : Question parlementaire n°1676 du 8 janvier 2020 de l'honorable Députée Martine Hansen concernant le Corps grand-ducal d'incendie et de secours (CGDIS)**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse à la question parlementaire sous rubrique.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma haute considération.

Pour la Ministre de l'Intérieur

Alain Becker
Premier conseiller de Gouvernement

Boîte Postale 10 L-2010 Luxembourg FAX 221125

**Äntwert vun der Madame Inneministesch, Taina BOFFERDING, op d'parlamentaresch Fro n° 1676 vun der honorabeler Deputéiert Martine HANSEN zum Sujet "CGDIS"**

Ech kann d'Informatioune vun der Deputéierte confirméieren. Déi nämlecht 3 Experten, déi schonn 2010 am Optrag vun der deemoleger Regierung e Rapport iwwert den Zoustand vum lëtzebuerger Rettungsdéngscht ausgeschafft haten, goufen och dës Kéier domat beoptraagt, en éischten Täschebilan iwwer d'Funktionement vum CGDIS ze realiséieren.

Dësen Etat des lieux wäert ech de 27. Februar 2020, zesumme mat den 3 Auteuren an der zoustänneger Chamberskommissioun virstellen. Doriwwer eraus wäert ech der Ëffentlechkeet dësen Täschebilan presentéieren an mat den Fraen an Männer vum CGDIS zesummen am Kader vun Hearingen doriwwer diskutéieren.